adr-
Lëscht 4

Europawalen 2014

de Pefferkär

Op Är Stëmm kënnt et un!

Dir wëllt keen Europa, dat sech ëmmer méi breetmécht an ëmmer méi Kompetenzen un sich zitt, ouni grondsätzlech Problemer wéi d'Aarbechtslosegkeet an déi sozial Ongerechtegkeeten ze léisen. Dir wëllt e Lëtzebuerg, dat och muer nach selwer däerf bestëmmen, wéi a wéini den Index ausbezuelt gëtt, wéi eis Sozialversécherung organiséiert gëtt, mat wéi enger economescher Grondlag mir eis Zukunft a sozial Cohesioun erhalen a wéi eng Sprooch am Land däerf geschwat ginn.

Dowéinst kënnt et den 25. Mee op Är Stëmm un: d'ADR, an nëmmen d'ADR, steet riicht fir manner Europa a méi Lëtzebuerg.

Déi véier Parteien, déi bis elo Lëtzebuerg am Europaparlament vertrueden hunn, wëllen de Géigendeel: méi Europa a manner Lëtzebuerg!

Ee vun de Spëtzekandidate fir d'Presidentschaft vun der Europäescher Kommissioun hat schonns vill Responsabilitéiten an Europa. Mee obschonns e Lëtzebuerger ass, huet de Jean-Claude Juncker vill Kompromësser akzeptéiert, ënnert deenen eis national Economie gelidden huet. Ee Beispill, dat mer geschwënn all an eisem Portemonni wäerte spieren: den Ausfall vun der TVA um elektronesche Commerce, deen elo duerch eng TVA-Erhéijung fir jiddereen ausgeglach gëtt.

Déi véier Parteie steieren op e federaalt Europa - also en europäesche Staat - zou, d'Piratepartei huet zumindest de Courage fir sech duerzou offiziell ze bekennen. D'ADR ass géint e federaalt Europa, an deem d'Kompetenzen an d'Responsabilitéiten ëmmer méi wäit vum Bierger verlagert ginn. D'ADR ass fir en Europa vun den Natiounen, mam néidege Respekt virun den eenzelne Memberstaten – och Lëtzebuerg – esou wéi et vun de Päpp vun Europa virgesi war.

Wéi virun all Europawalen an der Vergaangenheet, esou virspriechen och dës Kéier d'Parteien, déi um Rudder waren, erëm méi Demokratie, méi Transparenz, méi e soziaalt Europa. No de Wale ginn dës Versprieche vergiess. D'Resultat ass bekannt: ëmmer manner Europäer gi wielen, et gëtt ëmmer méi däischter an der Donkelkammer an d'Aarbechtslosegkeet an Europa – besonnesch de Jugendchômage – stellt d'sozial Cohesioun um Kontinent virun eng enorm Erausfuerderung.

Net wielen oder wäiss wielen ass keng Léisung a passt deenen an de Krom, déi um Rudder sinn. Wien eppes wëllt änneren, muss anescht wielen. Wann dir wëllt, datt déi legitim Interessie vu Lëtzebuerg op der europäescher Bühn konsequent vertruede ginn, da loosst Är Stëmm net verluer goen.

Fir eng aner Sprooch fir a vu Lëtzebuerg an Europa: ADR, Lëscht 4!

Walversammlungen

Kommt an diskutéiert mat eise Kandidaten!

Eis Informatiounsversammlunge fänken um **20 Auer** un.

19. Mee	20. Mee*
Esch-Lalleng Hall Omnisports Henri Schmitz Bvd Hubert Clement	**Hesper** Centre Nicolas Braun 474, route de Thionville
Bech-Maacher Possenhaus Keeseschgaessel	**Ettelbréck** Däichhal (1. Stack) Rue du Deich

*Dës Walversammlung fänkt ausnamsweis um 19.30 Auer un.

L'ensemble des articles parus dans cette publication sont disponibles en français sur le site internet www.adr.lu

All the articles in this publication are available in English on the website www.adr.lu

Todos os artigos desta publicação estão disponíveis em português no site www.adr.lu

All Stëmm fir d'CSV ass eng Stëmm fir d'Auslännerwalrecht..... 2
Manner Europa, méi Lëtzebuerg: dräi konkret Beispiller..... 3
Géint en EU-Bäitrëtt vun der Tierkei..... 3
Griicheland an Euro-Rettung: nach laang net iwwert de Blerg..... 4
TTIP: de „Jo, mä..." vun der ADR..... 4
Lëtzebuergesch = offiziell EU-Sprooch..... 5
Visioun vum Tram fir Absurdistan..... 5
Wëll de JCJ wierklech President ginn?..... 6
EU-Agrarpolitik: keng gutt Bilanz..... 7

Firwat eng Stëmm fir d‘CSV eng Stëmm fir d‘Auslännerwalrecht ass!

Scho virun de Chamberwalen huet d‘ADR drop opmierksam gemaach, datt d‘CSV, wat d‘Auslännerwalrecht ugeet, en duebelt Spill spillt. An och virun den Europawale probéiert si nees ze maachen, wéi wann se dogéint wier, an dat obwuel all Stëmm fir d‘CSV eng Sëmm fir d‘Auslännerwalrecht ass!

Zur Erënnerung: Déi zoustänneg Chambercommissioun schafft scho méi laang un enger neier Verfassung, iwwert déi (falls d‘Dräiercoalitioun sech un hiert Verspriechen hält) d‘Bierger kënnen an zwee Joer per Referendum decidéieren. Virun de leschte Chamberwalen hunn d‘Parteien an deem Kontext iwwert eng d‘Aféierung vum Auslännerwalrecht bei de Chamberwalen diskutéiert. Den Artikel 52 vum aktuelle Verfassungstext gesäit vir, datt ee muss Lëtzebuerger si fir matbestëmmen ze kënnen, wien an d‘Parlement kënnt („Pour être électeur, il faut être Luxembourgeois ou Luxembourgeoise“). D‘CSV huet deemools proposéiert, deen Artikel einfach ze sträichen an duerch eng méi allgemeng Dispositioun ze ersetzen. Den neien Text, dee vun der CSV virgeschloe gouf an dee vun alle Parteien - mat Ausnam vun der ADR - guttgeheescht gouf, huet als Konsequenz, datt d‘Chamber kéint iwwert e Gesetz d‘Auslännerwalrecht aféieren.

Wann ee wierklech géint d‘Auslännerwalrecht ass, esou wéi d‘CSV et neierdéngs behaapt, da muss een och dofir sinn, datt déi Dispositioun do bleift, wou se higéiert: an d‘Verfassung!

„Richter verwehren EU-Ausländern Wahlrecht“

Ënnert dësem Titel konnt een de 24. Mäerz, also virun 2 Méint en Artikel op der Internetsäit vun der däitscher Zeitung *Die Zeit* liesen. Hei en Zitat aus dem Text, deen all d‘Verdeedeger vum Auslännerwalrecht (déi dacks net zécke fir der ADR Friemefeindlechkeet virzegeheien, well se selwer keng valabel Argument hunn) sollte liesen:

„Der Bremer Staatsgerichtshof hat entschieden, dass das Wahlrecht nicht ausgeweitet werden darf. Zum Volk – und damit zum Wahlvolk – zählten nur deutsche Staatsangehörige.

In Bremen werden EU-Ausländer bei Landtagswahlen auch künftig nicht wählen können. Der Staatsgerichtshof des kleinsten Bundeslandes lehnte das Vorhaben zur Änderung des Wahlrechts der Bürgerschaft ab. Das Grundgesetz bestimme, dass zum Volk und damit zum Wahlvolk nur die deutschen Staatsangehörigen zählen, begründete der Staatsgerichtshof das Urteil.“

Wéi d’ADR sech als eenzeg Partei géint d‘Auslännerwalrecht ausgeschwat huet, dunn huet d’CSV ganz séier d’Kéier geholl a behaapt, si wier och dogéint. Méi wéi eng Kéier huet een sech missen unhéieren, d‘CSV wier an enger éischter Phase fir d‘Auslännerwalrecht gewiescht, well se e Kompromëss mam Coalitiounspartner LSAP agaange wier - e Kompromëss, un deem si sech zënter de leschte Chamberwalen net méi gebonne fillt.

Dëst ass den Ënnerscheed tëscht enger CSV, déi bei enger esou wichteger Fro kapituléiert, an der ADR, fir déi d‘Weiderbestoe vun der Lëtzebuerger Nationalitéit als Kritär fir bei de Chamberwale wielen ze goen net verhandelbar ass!

Elo, wou d‘Europawale virun der Dier stinn, hält d‘CSV nach ëmmer net mat hirem duebele Spill op, mä mécht monter weider!

Méi wéi ee Kandidat vun der CSV-Lëscht huet sech op ëffentlechen Tables rondes FIR d‘Auslännerwalrecht ausgeschwat. Oft hunn se ënnerstrach, et géif sech ëm eng „perséinlech Meenung“ handelen. Et ass selbstverständlech hiert gutt Recht, mä muss de Wieler dann elo bei all eenzelne CSV-Kandidat nofroe goen, ob hien zu deem steet, wat am Walprogramm virgesinn ass, oder ob hien zu anere Punkten och eng „perséinlech Meenung“ huet?

Dobäi kënnt, datt d‘CSV an dësem Dossier fir eng europäesch Léisung ass. Am Kloertext: Si wëll sech dofir asetzen, datt an der ganzer EU d‘Auslännerwalrecht fir d‘Nationalwalen ageféiert gëtt, esou wéi et och schonns bei den Europa- a bei de Gemengewalen de Fall war.

All Stëmm fir d‘CSV ass also a Wierklechkeet eng Stëmm fir d‘Auslännerwalrecht bei de Chamberwalen!

D‘Positioun vun der ADR kéint net méi däitlech sinn: d‘EU huet an dësem Dossier absolut näischt ze soen!

Mat der Aféierung vum Auslännerwalrecht fir d‘Nationalwale géif d‘EU sech schonn nees an d‘Souveränitéit vun de Memberstaaten amëschen!

Zu Lëtzebuerg trëtt d‘ADR weiderhin dofir an, datt d‘Lëtzebuerger iwwert de Wee vun engem Referendum zu deem wichtege Sujet gefrot ginn (an datt hir Meenung och respektéiert gëtt). Um europäeschen Niveau wëll d‘ADR dofir suergen, datt et net zu enger Vertragsännerung kënnt, duerch déi Lëtzebuerg forcéiert wier den Auslänner d‘Walrecht fir d‘Chamberwalen ze accordéieren!

All Stëmm fir d‘ADR ass eng Stëmm fir de Respekt vun der nationaler Souveränitéit!

Manner Europa, méi Lëtzebuerg: dräi konkret Beispiller

D‘ADR wëllt manner Europa, well Europa sech a Saachen amëscht, wou se keng Kompetenze vun den nationale Staaten iwwerdroen krut an déi awer direkt Awierkungen op de Bierger hunn. Et ginn dofir vill negativ Beispiller.

■ **Kee genmanipuléierte Mais**

Kaum en Europäer a kee Lëtzebuerger wëllt Popcorn aus genmanipuléiertem Mais, an och keng Hénger, déi mat dësem Fuddermëttel gefiddert sinn. Eng Majoritéit vun de Memberstaaten, 19 Länner vun 28, deelt dës Meenung. An dach! Mëtt Februar 2014, e puer Woche virun den Europawalen, huet Europa d‘Uplanze vum genmanipuléierte Mais TC 1507 erlaabt. Lobbye bestëmme mat an de Prinzip vun der „qualifizéierter Majoritéit“ féiert an der Bréisseler Donkelkammer zu onqualifizéierten Decisiounen.

D‘ADR steet fir eng gemeinsam Agrarpolitik, déi manner op déi grouss Lobbye lauschtert a fir en Europa, dat sech manner drëms bekëmmert, wat op eis Tellere kënnt. Dofir brauche mer e Lëtzebuerg, wat op nationalem Plang méi Verantwortung iwwerhëlt an an eegener Kompetenz bestëmmt, wéi sécher eis Liewensmëttele sinn. Mir brauche méi Lëtzebuerg fir eise Baueren ze erlaben, gutt Qualitéit zu faire Präisser ze liwweren.

■ **Hauséieren, nee Merci !**

Duerch e Gesetz vum 1. Januar 1850 hat de Kinnek - Groussherzog Wëllem III d‘Hauséieren zu Lëtzebuerg verbueden. Nozeliesen am Memorial Nummer 4 aus dem Joer 1850: „Vom 1. Januar 1850 an ist im ganzen Großherzogtum aller Hausierhandel in den Straßen, den Wirths- und Privathäusern verboten ...“

D‘Lëtzebuerger sinn domadder 164 Joer gutt gefuer. Et konnt, bis virun e puer Wochen, keen un Är Dier schelle kommen, fir Iech Teppecher, Zeitungsabonnementer oder soss eppes unzedréinen. Abee, Europa huet Lëtzebuerg gezwongen, dës al a gutt Gesetzgebung opzeginn! D‘EU-Direktive 2011/83/UE mécht d‘Hausdieren zu Lëtzebuerg op, fir éierlech a vläicht manner éierlech Händler, déi hir Wueren a Kontrakter däerfen esou ubidden. Ob do d‘Pechbild „Colportage Nee Merci!“ (wat dann elo nieft dem Autocollant „Keng Reklamme weg“ däerf gepecht ginn) wierklech eppes hëlleft? 55 vu 60 Deputéierten hunn, den 11. Mäerz , fir dëst Gesetz a géint de Bierger gestëmmt!

D‘ADR seet Stop! Europa huet Iech net ze soen, wiem der Är Hausdier sollt opmaachen! D‘ADR steet fir méi Lëtzebuerg, dat als Land d‘Recht muss behalen, seng Bierger virun esou Praktiken ze schützen.

■ **Energiespuerluuchten: firwat den Zwang?**

Spueren ass richteg, an dëst gëllt och, wann et ëm de Stroum geet. D‘Industrie bitt fir d‘Luuchten eng ganz Palette vu flotte Léisungen. Mä mussen dowéinst Zwangsmoossname vu Bréissel agefouert ginn? D‘Reglement (CE) 244/2009 gesäit vir, datt tëschent 2009 an 2016, jee no der elektrescher Leeschtung, dem Edison seng Glühbire ganz MUSSE verschwannen.

Den Zwang vu Bréissel huet gravéierend Nodeeler: den Text vum europäesche Reglement kënnt net derlaanscht, fir op de gëftege Quecksëlwer anzegoen. Op eng parlamentaresch Fro vun der ADR (QP 2318) huet och de Lëtzebuerger Gesondheetsminister missen zouginn, datt wann eng vun de moderne Luuchte brécht, bis zu 5 Milligramm Quecksëlwer fräigesat ginn. De Minister weist och nach drop hin, datt esou Luuchten an d‘Kategorie vun de geféierlechen Offäll falen an nëmmen an d‘Superdreckskëscht gehéieren.

Och wéinst esou fir d‘Gesondheet geféierlech Reglementer, brauche mer manner Europa a méi Lëtzebuerg; e Lëtzebuerg, dat kann an däerf Decisiounen huelen fir op dem Bierger seng Bedierfnesser anzegoen.

Géint en EU-Bäitrëtt vun der Tierkei!

D’ADR ass am Géigesaz zu den anere Parteie prinzipiell géint e Bäitrëtt vun der Tierkei an d’EU, well se geographesch a kulturell net zu Europa gehéiert.

D‘lescht Joer hunn sech d‘EU-Ausseministeren drop gëeenegt, fir an de Bäitrëttsverhandlunge mat der Tierkei en neit Kapitel opzemaachen. D‘Lëtzebuerger Coalitiounsparteien hunn och hiren Accord ginn, obwuel sech mëttlerweil eng Rei Kandidate wéinst den Europawalen op eemol vill méi virsichteg ausdrécken.

Et kéint ee bal mengen, déi aner Parteien hätten elo eréischt entdeckt, wéi prekär d‘Mënscherechtssituatioun an der Tierkei ass. Deslescht konnten d‘Awunner net méi op déi sozial Medien zougräifen, fir do hir Meenung ze äusseren. Dëst ass just ee Beispill vu villen!

D‘ADR huet sech ëmmer dofir ausgeschwat, datt d’Bäitrëttsverhandlunge gestoppt ginn. Et sief drun erënnert, datt d’Tierkei nach ëmmer net hir Engagementer géigeniwwer Zypern a géigeniwwer der EU, besonnesch wat d’Kontroll vun der Immigratioun ugeet, respektéiert. D’EU verléiert international Credibilitéit, wann se grad elo, wou d’Mënscherechtssituatioun an der Tierkei besonnesch schwiereg ass, iwwerhaapt en EU-Bäitrëtt als méiglech ugesäit. D‘ADR ass allerdéngs der Meenung, datt en Assoziéierungsofkommes déi bescht Léisung duerstellt.

D‘ADR verlaangt, datt zu Lëtzebuerg iwwert all Ratifizéierung vun engem neien EU-Bäitrëtt per Referendum decidéiert gëtt!

Mir mussen och an europäesche Froen endlech méi Demokratie woen!

Griicheland an Euro-Rettung: nach laang net iwwert de Bierg!

„Ist Griechenland über den Berg?“, freet den Tagesspiegel. Schéi wär et! Griicheland mellt nees en Iwwerschoss bei de Recettë vum Staat. A virun den Europawale ginn et schonns euphoresch Téin vum Kommissär zu Bréissel: „Dies spiegelt den bemerkenswerten Fortschritt wider, den Griechenland bei der Reparatur seiner öffentliche Finanzen seit 2010 gemacht hat“.

De Spiegel huet zwee Mol gekuckt: „Die trügerische Euphorie in der Euro-Krise“. E Boni

am Budget vu Griicheland? Jo mä... nëmmen, wann een d‘Zënsen an d‘Hëllefe vun de Banken net mat arechent. A Wierklechkeet huet d‘Land um Mëttelmier e Staatsdefizit an der Héicht vun 12,7% vum PIB. 3% si laut de Kritäre vum Maastricht erlaabt! De Staatsdefizit ass op 175,1% vum PIB gewuess.

Gëtt also den europäesche Bierger, grad ewéi den Awunner aus Griicheland, eng zweete Kéier bei d‘Lisette gelooss? Nëmmen duerch falsch Zuelen, déi awer den Acteure wéi engem Jean-Claude Juncker bekannt waren, konnt Griicheland iwwerhaapt Member an der Eurozone ginn. De Präis, dee fir dës Lige bezuelt ginn ass, bezuelt gëtt an nach bezuelt muss ginn, ass ganz héich.

Vu bilateralem Prêt iwwert Garantien an Abezuelungen a Rettungsschiermer an international Fongen: de Lëtzebuerger Steierzueler ass net nëmmen dobäi, e steet esouguer ganz vir, wat säi Bäitrag pro Kapp ugeet.

Dës Solidaritéit kéint een akzeptéieren, wann d‘Hëllef dann do géif ukommen, wou se gebraucht gëtt: bei de Griichen. A Wierklechkeet hunn déi ganz vill Suen, déi fléissen, an der Haaptsaach déi däitsch Banke gerett!

Et ass dat griichescht Vollek, datt den héchste Präis fir eng falsch Politik vun der Eurozon bezilt. D‘Griichen hunn en Drëttel vun hirer Kafkraaft agebéisst, de Chômage ass ëm 160% an d‘Luucht gaangen a 6 vun 10 Jugendlecher sinn am Chômage. Ganz schlëmm ass et, datt 800 000 Leit sech keng Krankekees, Behandlung a Medikamenter kënne leeschten. En Deel vun Europa gëtt nees zum Drëttweltstaat: a Griicheland ass d‘Kannerstierflechkeet tëschent 2008 an 2010 ëm 43% geklommen!

D‘ADR proposéiert zanter Joren, datt d‘Hëllef fir Griicheland gekoppelt gëtt un hiren Austrëtt aus der Eurozon. Nëmmen esou kommen se zu Athen nees op hir eege Féiss. D‘ADR steet och fir manner Länner an der Eurozon; Länner, déi déi néideg Wirtschaftskraaft fir en staarken Euro kënne meeschteren!

TTIP: de „Jo, mä...“ vun der ADR

Den Transatlantesche Fräihandelsofkommes (TTIP, Transatlantic Trade and Investment Partnership) gehéiert ouni Zweifel zu de wichtege Sujeten, wou d’Parteie musse virun den Europawale kloer Faarf bekennen. Et handelt sech dobäi – wéi et den Numm scho seet – ëm e Fräihandelsofkommes, dat zënter e puer Méint tëschent der US-amerikanescher Regierung an der Europäescher Commissioun verhandelt gëtt.

Selbstverständlech ass et jidder Partei iwwerlooss, déi eng oder déi aner Positioun ze vertrieden. D‘Schwaarzmolerei, déi vun den TTIP-Géigner bedriwwe gëtt, entsprecht allerdéngs einfach net der Realitéit. Et kënnt och nach dobäi, datt de grénge Spëtzekandidat behaapt, dogéint ze sinn, mä seng Partei sech an der Chamber éischter dofir ausgeschwat huet. Esou vill zur Koherenz vun de Gréngen!

D’ADR ass also dofir, datt d’Verhandlunge weidergeféiert ginn an datt eng Rei Aspekter onbedéngt berécksichtegt ginn:

- Mir brauchen eng fräi Economie mat gudde Sozialstandarden. Et kann net sinn, datt duerch den TTIP Drock op d’Léin entsteet. Et muss een och oppassen, datt keng Delocalisatioune geschéien.

- D’Liewensmëttelsécherheet huet fir d’ADR iewescht Prioritéit. Dëst gëllt besonnesch fir d‘OGMen, déi d‘ADR ganz kloer refuséiert.

- Wat de sougenannten „Investor-state dispute settlement (ISDS)“ ugeet (deen et engem auslännesche Betrib ënnert gewësse Konditiounen erlaabt e Land ze verkloen), däerf et net zu enger Paralleljustiz kommen.

Wann dës Punkten net respektéiert ginn, da wäert et keng Zoustemmung ginn zu dësem Accord. Wann eis Wäerter an eis Standarden a Fro gestallt ginn, da géif en ADR-Europadeputéierten am EU-Parlament Nee soen.

Falls dës Fuerderunge respektéiert ginn, dann ass awer d‘ADR der Meenung, datt am transatlanteschen Handel net nëmmen eng Chance, mä och eng Noutwennegkeet läit. Do, wou et méiglech ass, sollen d’Tariffer an aner Barrièren ofgebaut ginn. Am Ament sinn d’Prozeduren, déi d’europäesch an domadder och d’Lëtzebuerger Betriber ausféiere mussen, vill ze laang a vill ze deier!

D’ADR ass der Meenung, datt een sech op kee Fall soll komplett der Diskussioun verschléissen. Et ass grondleeënd falsch, an deem Ofkommes nëmmen déi negativ Säiten ze gesinn, besonnesch well oppe Mäert och kënnen eng Chance fir eis Economie duerstellen. D’EU ass souwisou net an enger economescher Situatioun, datt se och nach kéint op esou eng Geleeënheet verzichten.

D’Commissioun misst reegelméisseg dem Parlament Rapport maachen an sech och mam Parlament concertéiere fir déi weider Verhandlungen.

Lëtzebuergesch = offiziell EU-Sprooch

Et gëtt keng eenzeg Partei, déi sech méi fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt ewéi d'ADR! Si huet dozou bäigedroen, datt eis Nationalsprooch demnächst och an der Verfassung steet, an net nëmmen an engem Gesetz. Hiren Asaz wëll se um europäeschen Niveau weiderféieren. Et ass nämlech inakzeptabel, datt d'Lëtzebuerger Sprooch déi eenzeg Nationalsprooch an der EU ass, déi net gläichzäiteg och offiziell EU-Sprooch ass. D'ADR wëll dofir kämpfen, datt dëst esou séier wéi méiglech geännert gëtt, an datt d'Lëtzebuerger Sprooch endlech och um europäeschen Niveau déi Unerkennung kritt, déi se verdéngt!

Am Géigesaz zu deem, wat vun de Géigner vun der Lëtzebuerger Sprooch behaapt gëtt, bedeit dat net, datt all d'Texter mussen op Lëtzebuergesch iwwersat ginn. Esou Behaaptunge ginn nëmmen an d'Welt gesat, fir d'ADR mat hirer méi wéi legitimer Fuerderung ze diskreditéieren. D'Wouerecht ass, et goufe scho bei anere Sproochen (wéi z.B. bei der maltesescher oder och nach bei der irescher Sprooch) Derogatiounen accordéiert. Och d'ADR trëtt fir esou eng Léisung an: Jo zur Unerkennung vum Lëtzebuergeschen als offiziell EU-Sprooch, Nee zur sënnloser Verschwendung vu Ressourcen!

Ganz konkret verlaangt d'ADR:

- datt déi wichtegst Texter (Traité iwwert de Fonctionnement vun der EU, Traité iwwert d'EU, asw) iwwersat ginn

- datt all Bierger, deem seng Mammesprooch Lëtzebuergesch ass, sech och kann an där Sprooch un d'EU-Institutiounen adresséieren

- datt d'Lëtzebuerger Europadeputéiert sech och kënnen an hirer Mammesprooch am Europaparlament ausdrécken.

D'Wouerecht ass och, datt déi aktuell Situatioun ganz kloer an eendeiteg géint eng Rei Texter, déi a Kraaft sinn, verstéisst! Virun enger Rei Joren huet d'Europaparlament eng Resolutioun ugeholl mat ënnert anerem dësem Passage:

„Das Europäische Parlament (...) dringt darauf, daß der Grundsatz, demzufolge die Bürger der Union sich gegenüber allen europäischen Organen schriftlich und mündlich ihrer eigenen Sprache bedienen können, eingehalten werden muß; ist der Auffassung, daß das Recht eines gewählten Vertreters, in seiner Muttersprache zu sprechen und zu arbeiten, untrennbarer Bestandteil des demokratischen Rechts und seines Mandats ist".

De Conseil (Regierungs- a Staatscheffen) huet sengersäits den 13. Juni 2005 festgehalen:

„Der Rat ist der Auffassung, dass bei den Bemühungen um mehr Bürgernähe der Union der Reichtum und die Vielfalt ihrer Sprachen stärker berücksichtigt werden müssen. Ferner ist der Rat der Ansicht, dass die Möglichkeit der Bürger, in ihren Beziehungen mit den Institutionen zusätzliche Sprachen verwenden zu können, ein wichtiger Faktor ist, wenn erreicht werden soll, dass sich die Unionsbürger mit den politischen Vorhaben der Europäischen Union stärker identifizieren."

Wat ass esou eng Decisioun Wäert, wann se einfach net agehale gëtt? D'ADR wëll sech dofir asetzen, datt dat endlech geschitt! Déi aner Parteien hunn jorelaang bewisen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch hinnen egal ass!

Fir d'Unerkennung vum Lëtzebuergeschen als offiziell EU-Sprooch, wielt ADR!

Visioun vum Tram fir Absurdistan

De Minister François Bausch an d'Buergermeeschtesch Lydie Polfer hunn eng Visioun. Si sollten dem Éierestaatsminister Jacques Santer säi Rot unhuelen a bei den Dokter goen. Lëtzebuerg brauch keen ideologeschen Tram, deen an Absurdistan féiert, iwwert eng Milliard Euroe kascht an net méi erreecht wéi eng modern Buslinn.

D'Avise vum Staatsrot an der Handelskummer – fir nëmmen dës zwee ze nennen – bestätegen: den Tram léist net de Verkéiersproblem vu Lëtzebuerg. Dee besteet doranner, datt wäit

iwwert 150 000 Salariéen, dovunner der ganz vill aus der Groussregioun, all Dag an d'Stad schaffe kommen. Do hëlleft keen Tram tëschent der Gare an der Luxexpo, genau esou wéineg wéi een tëschent der Cloche d'Or an dem Findel. Vläicht hunn den Här Bausch an d'Madame Polfer – se wunnen allebéid an der Stad – et nach net matkritt: d'Staue sinn net an der Stad, mä ronderëm, wäit virdrun a ginn zum Deel iwwert d'Grenze vum Land eraus. Opfaangparkinger an der Stad (Cloche d'Or, Luxexpo) oder an der direkter Noperschaft (Héienhaff) léisen also net de Stau, mä riskéieren dësen ëm Kilometeren ze verlängeren!

Den Tram, sollt e géint de gesonde Mënscheverstand awer gebaut ginn, wäert d'Stad fir Joren an e grousse Chantier verwandelen. Dës Aarbechten däerfe kengesfalls virun de Gemengewale fir Onrou suergen, dowéinst pendelt den Tram bis 2017 nëmmen tëschent der Luxexpo an der Rouder Bréck. Entweder bréngt en do guer a glat näischt, oder schlëmmer nach, d'Passagéier, déi z.B. aus dem Osten vum Land an d'Stad wëllen, musse wéinstens zwee Mol ëmklammen, vum Bus an den Tram an nees an de Bus.

Den Arrêt Roud Bréck, dee fir 100 Milliounen soll gebaut ginn, dréit mat den zwee Funiculairen och net vill zur Léisung bäi. Net 10, mä nëmme 6 Zich kënne pro Stonn am Pafendall halen. Den deiere Projet bréngt also nëmmen eppes fir Passagéier aus dem Norden, déi op de Kierchbierg wëllen.

Eng Tramslinn Luxexpo – Roud Bréck ass näischt méi ewéi eng Spillsaach, déi fir ganz vill Sue vum Steierzueler opgeriicht gëtt fir e puer Politiker en Denkmal ze setzen. Här Bausch, Madame Polfer: baut w.e.g. Är Spillsaach an de Beetebuerg Park. Dann hu wéinstens d'Kanner hir Freed drun.

Well Politiker wéi Bausch a Polfer blann sinn, fir all Solutiounen, déi de Verkéiersproblem wierklech kënne léisen, bleift dem Bierger nëmmen nach de Wee vum Referendum. D'ADR huet schonns eng Gesetzespropositioun dowéinst an der Chamber deponéiert. Gitt dem Referendum ëm den Tram eng Chance: ënnerschreift weider d'Petitioun 333 um Site vun der Chamber. All Ënnerschrëft zielt an hëlleft déi gréisst Feelinvestitioun vum Joerhonnert ze stoppen!

Wëll de Jean-Claude Juncker wierklech President ginn?

Kritt d'Europäesch Commissioun mam Jean-Claude Juncker op en Neits e Lëtzebuerger President? D'Äntwert op déi Fro ass mat grousser Wahrscheinlechkeet neen, an dat ganz onofhängeg vum Walresultat vun den Europawalen. De Spëtzekandidat vun der Europäescher Vollekspartei kann nach esou dacks widderhuelen, wéi e wëll, datt hien dee Poste kritt, falls d'CSV an all hir europäesch Schwësterparteie gestäerkt ginn; dat heescht nach bei wäitem net, datt dat och wouer ass!

Et stëmmt, datt sech déi europäesch Parteien dës Kéier op eng Prozedur gëeenegt hunn, déi op den éischte Bléck ewéi e Schrëtt a Richtung méi Demokratie ausgesäit: de Spëtzekandidat vun der europäescher Famill, déi d'Wale gewënnt, soll President vun der Europäescher Commissioun ginn.

D'Allianz vun den Europäesche Konservativen a Reformisten (AECR), an där d'ADR Member ass, huet decidéiert kee Spëtzekandidat ze noméieren, an dat aus guddem Grond. Et wier nämlech falsch, d'Europäesch Commissioun mat enger Zort Europäesch Regierung gläichzestellen. D'Bierger wënschen sech keen Zentralstaat, an deem déi eenzel Memberstaaten näischt méi ze soen hätten! Si wënschen sech héchstens eng Europäesch Commissioun, déi am Déngscht vun de Länner ass, an net permanent probéiert, sech nei Kompetenzen ze ginn!

Dobäi kënnt nach, datt d'Spëtzekandidaten nëmme kënnen an hirem Land, respektiv Bezierk - dat heescht vun enger winzeger Minoritéit EU-Bierger - gewielt ginn. De Jean-Claude Juncker steet esouguer op guer kenger Lëscht. Säin Argument: et wier Bedrug um Wieler, sech fir Europadeputéierten opstellen ze loossen an dat Mandat dann net unzehuelen. Gutt ze wëssen, datt de fréiere Premier der CSV-Spëtzekandidatin

Viviane Reding Bedrug um Wieler virgeheit, well si jo als Kommissärin net manner ewéi zwee Mol genee dat gemaach huet!

Natierlech ass och d'ADR der Meenung, datt et trotz de ville schlechten Decisiounen, déi de fréiere Premier geholl huet, fir eist Land net onbedéngt schlecht wier, wann e Lëtzebuerger géif President vun der Europäescher Commissioun ginn. Dofir muss een awer net d'CSV ënnerstëtzen.

Et fänkt schonn domadder un, datt net d'Europäescht Parlament decidéiert, wien dee Poste kritt, mä den Europäesche Conseil (dat heescht d'Staats- a Regierungscheffen). Am Vertrag vu Lissabon steet, datt si bei hirem Choix mussen op d'Walresultat Récksicht huelen. Dës Formulatioun ass esou vague, datt se eigentlech kann an all Richtung interpretéiert ginn!

Ganz vill Observateure ginn och dovunner aus, datt sech de Conseil mat grousser Wahrscheinlechkeet guer net wäert drun halen. Et ass gewosst, datt de Jean-Claude Juncker eigentlech vill méi um Poste vum Här Van Rompuy intresséiert ass, dat heescht e wéilt vill léiwer Conseilspresident ginn. An d'Staats- a Regierungscheffe kéinten him dee Gefale maachen. Direkt no den Europawale kommen se zesumme fir ebe grad déi Decisioun ze huelen - an d'Europäesch Vollekspartei huet op eemol, wéi duerch en Zauber, kee Spëtzekandidat méi fir de Poste vum President vun der Europäescher Commissioun ze iwwerhuelen.

A wat geschitt, falls d'EVP d'Europawale gewënnt? Da kann si sech ebe fir iergenden anere Politiker entscheeden. A wien huet d'Soen an der EVP? Keng aner ewéi d'Mme Merkel, déi schonn nees géif iwwert alles decidéieren, wat an der Europäescher Unioun geschitt!

Esou einfach kann een de Wieler beléien!

De Walprogramm vun der ADR fir d'Europawale fannt Dir op www.adr.lu (franséisch a lëtzebuergesch Versioun)

Le programme électoral de l'ADR pour les élections européennes se trouve sur www.adr.lu (version française et luxembourgeoise)

de Pefferkär

Oplag: 223 000 Stéck

Verantwortlech fir dëse Pefferkär ass:
Alternativ Demokratesch Reformpartei
20, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg

EU-Agrarpolitik: keng gutt Bilanz!

Den Agrarsecteur ass zënter den Ufankszäite vum gemeinsamen Europa en Haaptbestanddeel vun der europäescher Politik. Zil war deemols, eng sécher Liewensmëttelversuergung vun der europäescher Populatioun ze erreechen an de Bauerebetriber e gerecht Akommes fir hir Arbecht zoukommen ze loossen.

Wa mer no 50 Joer gemeinsamer Agrarpolitik eng Bilanz zéien, da gesäit déi net gutt aus. Zwar ass d'Liewensmëttelversuergung vun der europäescher Populatioun haut méi ewéi garantéiert, zwar huet de Konsument eng enorm Auswiel vun héichwäertege Produkter zu historesch niddrege Präisser (den Undeel vun den Depensë fir Liewensmëttel ass vu 40 op ronn 10 Prozent vum Akommes zréckgaangen), mä villes ass dobäi op der Streck bliwwen.

Mir hunn haut, mat Hëllef vun der Europäescher Agrarpolitik, eng héich modern, techniséiert a käschtenintensiv Landwirtschaft. Déi wéineg Betriber, déi dës Entwécklung iwwerlieft hunn, hu missen enorm Investissementer maachen, net wéineg vun hinnen hu sech ganz vill Schold opgelueden an déi wéineg Leit, déi an dëse Betriber schaffen, stinn ënner engem enormen Arbechtsdrock.

D'landwirtschaftlecht Akommes steet awer a kengem Verhältnes zu deene gewaltegen Investissementer an där viller Aarbecht, déi an deene meeschte Betriber op eng 70-Stonnewoch erausleeft. An esouguer finanziell gesond Betriber halen op, well déi jonk Generatioun net bereet ass, ënner deene Konditioune weiderzefueren.

Dat gewaltegt Bauerestierwe vun deene leschte Joerzéngten ass aus ville Grënn net gutt. De Baueren- a Wënzerstand war ëmmer e wichtege Stabilitéitsfacteur an eiser Gesellschaft. An eng méi grouss Zuel vu mëttelgrousse Betriber bedeit a Krisenzäite méi Secherheet fir d'Liewensmëttelversuergung wéi eng industrialiséiert Landwirtschaft mat wéinegen, héich spezialiséierten, awer ufällege Betriber.

Dee gewaltegen Arbechtsdrock, deen op der Bauren- a Wënzerpopuataioun läit, gëtt nach verstäerkt duerch de ganze bürokratesche Wouscht, deen haaptsächlech vu Bréissel ordonnéiert ginn ass, an zu Lëtzebuerg mat enger Beflassenheet sonnergläichen ëmgesat gëtt.

Leider hu verschidde Liewensmëttelskandaler, fir déi d'Baueren net verantwortlech sinn, besser Kontrollen néideg gemaach. Awer dat, wat de Baueren- a Wënzerbetriber hautdesdaags un administrativem Opwand zougemutt gëtt, ass net méi ze veräntwerten. Konsumenteschutz an Ëmweltschutz an Éieren, mä hei gëtt et héich Zäit, datt déi Paperassen op den absolut néidege Minimum zréckgefouert ginn. Duerfir wäert d'ADR sech zu Stroossbuerg an zu Bréissel staark maachen!

--------- ausschneiden an un d'ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ---------

Gitt Member an der ADR, a frot och Är Familljememberen a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbäitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

Email: .....

adr-
Lëscht 4

Är Kandidate fir Europa

Gast Gibéryen

Deputéierten
Éierebuergermeeschter Fréiseng
Éierepresident NGL

Fernand Kartheiser

Deputéierten
Diplomat
fréieren Arméioffizéier

Roby Mehlen

Éierendeputéierten
Éierepresident ADR
Éierepresident FLB
Gemengeconseiller Manternach

Liliana Miranda

ADR-Generalsekretärin
Attachée parlementaire
Fréier Journalistin

Roy Reding

Deputéierten
Affekot
Vize-President ADR
Presentateur Emissioun *Vu Fall zu Fall*

Jean Schoos

Déierendokter
ADR-Nationalpresident
President AMVL
Member Opsiichtsrot Convis

adr-

manner Europa, méi Lëtzebuerg